Madame COUTO Paula
Conseillère communale

15, rue Amalbergue

L-4806 RODANGE

2026.72453.SECR – E. Referenz

Péiteng, den 31. Juli 2026

**Betreff: Är Froe vum 1. Juli 2026**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Yves Schiltz - Tel.: 50 12 51 - 3011)

Madamm Couto,

An Ärem Bréif vum 1. Juli 2026 stellt Dir dem Schäfferot follgend Froen :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*Am Hibléck drop, datt Hëtztwellen no de Prognose vu Klimaspezialisten an de wëssenschaftlechen Etüden an Zukunft méi heefeg an och méi intensiv wäerte ginn, sinn vill ëffentlech Gebaier net fir esou héich Temperaturen ausgeleeë.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:*

1. *Huet d'Gemeng eng Analys oder en Inventaire vum thermesche Komfort an hire kommunale Gebaier gemaach, besonnesch an de Grondschoulen, Maisons Relais, Crèchen, administrative Gebaier a Sportinfrastrukturen?*

2. *Huet d'Gemeng déi Gebaier identifizéiert, déi bei Hëtztwelle besonnesch staark betraff sinn? Wa jo, wéi eng Verbesserungsmoossname si virgesinn?*

3. *Wéi eng konkret Moossname ginn aktuell ëmgesat, fir Kanner, vulnerabel Persounen, d'Benotzer vun de Gemengegebaier an d'Gemengepersonal bei Hëtztwellen ze schützen?*

4. *Sinn Investissementer geplangt, fir de thermesche Komfort an de kommunale Gebaier ze verbesseren, zum Beispill duerch baussenzeg Sonneschutzsystemer, eng verbessert Isolatioun, natierlech oder mechanesch Belëftung, Begréngung oder aner passiv Ofkillungsmoossnamen?*

5. *Ginn nei Bauprojeten an d'Renovatioun vu kommunale Gebaier mëttlerweil esou geplangt, datt si besser un déi zukünfteg klimatesch Konditiounen an un Hëtztwellen ugepasst sinn?*

6. *Gëtt et an der Gemeng e spezifesche Protokoll oder en Handlungsplang fir Hëtztwellen, besonnesch fir d'Schoulen, d'Maisons Relais an aner kommunal Aktivitéiten?*

7. *Plangt d'Gemeng, weider Fréschinselen ze schafen, méi Beem ze planzen, zousätzlech Schiedflächen an ëffentleche Raim ze amenagéieren an Drénkwaasserstellen zur Verfügung ze stellen, fir d'Awunner bei grousser Hëtzt besser ze schützen?*

8. *Verfüügt d'Gemeng iwwer e kommunale Caniculeplang (Hëtztplang) oder e spezifesche Protokoll fir Episode mat extremer Hëtzt? Wa jo, wat sinn déi wichtegst Mesuren, wéi gëtt dëse Plang aktivéiert a wéi ginn d'Schoulen, d'Maisons Relais, d'Crèchen, d'Veräiner, d'Gemengepersonal an d'Bevëlkerung doriwwer informéiert? Wa nee, ass virgesinn, esou e Plang auszeschaffen?*

*Mat Respekt,*

*Paula Couto*
*Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Wann een op déi rezent Canicule zeréckbléckt, sinn Är Froe sécherlech ganz pertinent, mee d'Froe-Stellung ass un sech méi komplex.

Zënter de leschten 30 Joer ass e gréisseren Opwand bedriwwe gi fir Gebaier, ëffentlech wéi och privat, thermesch z'isoléieren, an esou ze verhënneren datt bei Keelt onnéideg Hëtzt an Energie verluer geet, respektiv am Summer eng agreabel Zëmmertemperatur garantéiert bleift. Esou huet d'Gemeng Péiteng, wéi och aner Bauhären an de leschte Joren, hir nei Gebaier wéi och hir besteeënd Gebaier no dëse Spezifikatioune gebaut, respektiv gréisstendeels ugepasst. Gläichzäiteg mussen d'Gebaier awer och Energie spueren an et huet op "Stroumfriesser" misste verzicht a mat Alternative geschafft ginn.

Elo féieren awer d'Hëtztwelle vun de leschte Joren dozou datt d'Energie an Hëtzt, déi sech am Laf vum Dag an den Haiser a Gebaier sammelt, net schnell genuch ofgefouert, respektiv ofgekillt kënne ginn. Dëst feiert dozou datt quasi an alle Gebaier déi net mat engem kënschtleche performante Kill-System wéi zum Beispill enger Klimaanlag ekipéiert sinn, iwwert den Dag Temperature vu bis zu 30 Grad entstinn. Dës Situatioun gëtt verschlëmmert duerch d'Ëmstänn datt d'Baussentemperatur an de Nuechten net ëmmer ënnert 20 Grad fält a keng Fënsteren opgemaach kënnen oder dierfe ginn duerch Energieeffizienz oder Sécherheet. Ab Moies 9 Auer mécht et dann och oft kee Sënn méi d'Fënsteren, wann dat nach méiglech ass, op ze maache fir ze lëften.

Fir deem entgéint ze wierken, gëtt beschtméiglechst probéiert, fir dem Personal, de Kanner, vulnerabele Persounen, an anere Benotzer entgéint ze kommen, andeem zum Beispill d'Rolllueden erofbleiwen, fréi mueres d'Fënsteren opgemaach ginn (falls méiglech a sënnvoll), an iwwert traditionell Ventilatoren en Erfrëschungsgefill produzéiert gëtt. Leider stoussen dës Mesurë bei dësen ëmmer méi heefege Canicullen schnell op hir Limitten.

Natierlech besteet ëmmer d'Méiglechkeet an zousätzlech Kill-Systemer z'investéieren, mee dëst ass net klimaneutral, esou datt dës Investissementer wuel iwwerluet musse ginn. Esou muss zum Beispill d'Installatioun vun enger Klimaanlag un d'Installatioun a Notzung vun enger Photovaltaik gekoppelt ginn.

Et bestinn deels Alternative, wéi zum Beispill e Kill-Plaffong oder e Kill-Buedem, e "Puits canadien", respektiv Ofkillen iwwer Geothermie, automatesch "Beschattungs-Systemer", eng ëmkéierbar Wärmepompel, mee dëst ass just bei neie Gebaier méiglech, respektiv d'Effizienz fält bei héijen Temperature ganz schnell. Bei den aktuellen Temperaturen ass dofir eng Klimaanlag oft den effizientste Moyen fir eng agreabel Raumtemperatur, mam Nodeel vun de Käschten a sengem Impakt op d'Klima.

Et ass also zimmlech schwéier den optimalen Heiz- souwéi Kill-System virzegesinn, well de Moment d'Extremer oft wäit ausernee leien.

pétange
MOTIVATION COMMUNE

Am Kader vum Klima- a Naturpakt probéiert d'Gemeng weiderhin esou vill wéi méiglech Ziler z'erreechen an klimafrëndlech Projet'en ze realiséieren déi e positiven Impakt op eist Klima hunn, respektiv en negativen Impakt neutraliséieren, an d'Hëtztwelle méi erdrobar maachen.

Um nationalen Niveau sinn eng Rei Mesure virgesinn, déi natierlech och vu Säite vun der Gemeng Péiteng ënnerstëtzt ginn, wéi zum Beispill de Plan Canicule vum Gesondheets-Ministère, d'Recommandatioune vun der ITM oder och d'Alerte Orange fir d' Drénkwaasser, déi spezifesch Sensibiliséierung vun der Bevëlkerung oder och nach déi eventuell Upassunge vun den Ëffnungszäiten, respektiv Aarbechtszäiten.

D'Gemeng denkt drun e spezifeschen Inventaire vun de Gebailechkeeten opzestellen fir op Basis vun dësem déi Gebaier ze identifizéiere wou de Besoin am Gréissten ass, a wat wou ëmsetzbar wier. Et kéint een sech och virstellen, bei Gebaier (Administratioun/Schoulen/Maison Relais) wou et entweder technesch net méiglech oder ze käschtenintensiv ass, "Kälteinselen" ze schafe wou eenzel Raim oder Plazen agreabel Temperature bidde wou een sech bei Hëtztwellen zäitweileg dohin zeréckzéie kann. Zousätzlech gëtt op Basis vun der Flechtekartéierung vun 2021 (Emweltverwaltung), de Klima-Kaarte vum Pro-Sud an eegenen Analysen, eng successiv Entsigelung a Begréngung vun eisen Uertschaften ugestrieft, fir eis géint d'Follge vum Klimawandel am urbane Raum beschtméiglech resilient opzestellen.

Dir gesitt datt dëst Thema zimmlech komplex ass, an d'Servicer vun der Gemeng sech dagdeeglech beméien dem Personal, de Kanner, de vulnerabele Persounen an all anere Benotzer vun de Gemenge-Gebailechkeeten entgéint ze kommen, fir de beschtméiglleche Service ze bidden.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 1 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi sur rendez-vous jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118